



SYFEL

Syndicat des Fabriques d'église du Luxembourg a.s.b.l. RCS n° F 10322

✉ syfel@syfel.lu

✉ 15, am Duerf

L-7651 Heffingen

CCPL LU08 1111 7035 7433 0000

Matdeelung zum Minister D. Kersch sengem Bréif un d'Gemengen den 1.8.2017

Léif Kiercheréit,

Den Inneminister Dan Kersch huet sech den 1. August mat engem Bréif un d'Gemenge gericht, fir déi Gemengen ënner Drock ze setzen, déi keng Konventioun mat hire Kierchefabrécken ënnerschriwwen hunn. Am Avis vum Staatsrot gëtt dem Syfel seng Positioun bestätegt, datt déi ofgeschlossene Konventiounen kee legale Wäert hunn. Dofir hält de Minister dat elo als Virwand, fir de Gemengen, an deene keng Konventioun ofgeschloss gouf, ze soen, si missten ELENG, -unilateral-iwwert di betraffe Kierchegebaier decidéieren. **Domatt brécht de Minister Kersch säi Wuert, wëll et ass bis elo jiddereen dovun ausgaangen, datt déi Kierchen, fir déi et keng Eenegung gouf, géingen ipso facto an de Fonds kommen.** Dat stoung och bis den 1. August sou am Gesetzprojet. Mee dat ass elo beemol anescht, well d'Regierung huet de GesetzPROJET den 11. August geännert.

De Syfel huet jo ëmmer recommandéiert näischt z'ënnerschreiwen a vill Kierchefabrécken hunn och bewosst keng Konventioun gemaach, oder hunn eng Konventioun ënnerzeechent, déi NET de Virstellung vu Bistum a Ministère entsprach huet, aus Protest géint dat anti-demokratescht an impertinent Verfuere vum Minister Kersch, deen d'Gemengen an d'Kiercheréit ouni legal Grondlag wollt zu Konventiounen zwéngen, déi jo dann elo näischt méi gëllen.

All des Kierchefabrécken an och secher d'Gemenge selwer sinn elo an enger Situatioun vu grousser Onsécherheet, well d'Gemeng ALLENG decidéiere kann, wat mat de Kierchen geschitt: Ob se an de Fonds geet, oder ob se Gemengebesëtz gëtt, egal wem se dann bis elo gehéiert hunn.

Mee och des Virgoensweis vum D. Kersch ass nees ouni legal Basis!

Et besteet KEEN Gesetz, wat sou en ‚Geschäft‘ erlaabt! Hien wëll just Drock maachen, fir den Dossier vrun de Gemengewahlen iwwert d'Bühn ze kréien. Des Weidere mengt de Minister, en „défaut de réponse“ géing der Gemeng hiert Averstännis liwweren, datt d'Kierchen an de Fonds ginn. Deem ass net sou! **Eng feelend Äntwert an enger Verwaltung ass ni mat engem Accord gläichzesetzen. Och hei verstéisst de Minister alt nees géint gültegt Recht.**

Et muss een Accord tëscht allen Bedeelegte ginn, ansonsten kënnen déi Besëtzverhältnisser net per Gesetz gekläert ginn. E Gesetz kann sech nie op een „non-dit“ basieren.

Mir bieten dofir déi Kierchefabrécken, déi keng Konventioun mat der Gemeng gemaach hunn, sech esou séier wéi méiglech virum 1. Oktober un hiwre Schäffen- a Gemengerot ze riichten an hinnen AN em Minister matzedeelen, datt dat do sou NET geet an ILLEGAL ass.

Dir fannt am Anhang e Modellbréif un d'Gemeng AN un den Inneministère.

Selbstverständlech wär et ideal, wann Dir als Kierchefabréck zesumme mat der Gemeng kéint, dem Inneminister matdeelen, datt Dir Iech weigert, Besätzverhältnisser op sou eng illegal Aart a Weis ze klären. An deem Fall ass de Bréif jo liicht un Är Situatioun unzepassen.

Un e puer Saache sief awer nach erënnert:

- **Eng Circulaire oder e Bréif vun engem Minister huet keng legal Basis¹**, an deem heiten Minister seng Meenung ännert elle séier. Hien huet just d'Ziel die Besätzlëschten fäerdeg ze kréien, fir d'Kierchefabrécken da kënnen ofzeschaafen an de *Fonds* ze installéieren.
- Eng „**Gemengekierch**“ ka „mir nichts dir nichts“ vun der Gemeng desaffectéiert ginn, wann se net op der Annexe III steet.
- Eng „**Fondskierch**“ kann all Ablack vum *Fonds* un d'Gemeng fir en Euro ofgetratt ginn, wann se desakraliséiert gett, d.h wann keng Liturgie méi dra gehale kann ginn.
- Souwuel Dir als Kiercheréit wéi och d'Gemengeréit stidd an der Responsabilitéit virun de Bierger, an dat ass fir **Kandidaten an de Gemengewahlen** wuel besonnesch wichteg.
- **D'Bistum ass offensichtlech frou fir all Kierch, déi net am Fonds wäer**, well de *Fonds* dat soss kengeswees finanziell schëllere kann.
- Déi **Kierchefabrécken, déi eng Konventioun mat hirer Gemeng geschloss** hunn, dierfen sech laut dem Minister sengem Bréif bis op Weideres op déi Konventioun beruffen, a wéissten domatt, wat mat hiere Kierchen geschéich. Mee mir weisen drop hin, datt dem Minister an dëser Saach net wiirklech ze trauen ass. **Bleift dofir weiderhi ganz opmierksam.**

Mat beste Gréiss zeechent fir de SYFEL-Comité

Hiefenech, den 25. August 2017



Serge EBERHARD
Président



Marc LINDEN
Vice-président



Patrick RIES
Secrétaire

¹ Dat huet och de Leo Wagener de 16. August 2016 an senger deemoleger Circulaire geschriwwen: „[...] ist anzumerken, dass das ministerielle Schreiben an die Gemeinden unseres Erachtens keine Rechtskraft besitzt und damit keinen zwingenden Charakter beanspruchen kann.“ Em Bistum läit zu deem Punkt och en *Avis juridique* vir, dee wuel nach ëmmer seng Gültgeet huet.